FLEK Lëtzebuerg
Fleegeelteren schléissen sech zesummen

Verschidden FLeegeelteren hei aus dem Land hunn sech am September 2006 zesummenschloss an eng a.s.b.l mam Numm „Fleegeelteren an hir Kanner Lëtzebuerg", ofgekierzt „FLEK Lëtzebuerg" gegrënnt.

D'Präsidentin Marguy De Ceulaer erklärt: Mir wëllen Oeffentlechkeetsaarbecht machen, dat heescht, d'Leit informéieren, wat Fleegeelteren sinn. Mir hätte gär eng besser Kommunikatioun ënnert den eenzelnen Servicer, déi am Beräich vun de Fleegefamilljen schaffen. Desweideren hu mir wëlles, Treffen fir Fleegefamilljen, Konferenzen, Weiderbildungen iwwer Themen am Zesummenhang mat Fleegekanner ze organiséieren. An eist wichtegst Uleies ass, dass d'Fleegekanner sech kenneléieren a mierken, si sinn net alleng mat hirer Situatioun.

Hei am Land ginn et ongeféier 800 Kanner, déi aus verschiddenen Ursaachen net bei hirer leiflecher Famill opwuesse kënnen. Dat ass 1% vun de Kanner hei zu Lëtzebuerg. Am Moment sinn dovun 250 Kanner an 166 Fleegefamilljen placéiert.

Wann Dir Iech och dorfir interesséiert, engem Kand bei Iech en neit Doheem ze ginn. oder dir wëllt méi Informatiounen dozou, da mellt Iech um Telefon 26 53 11 07, per E-Mail: mecky@tango.lu beim Marguy De Ceulaer oder klickt op eisen Internet-site www.flek.lu

Déi Leit, déi eis ënenrstëtze wëllen, kënnen dat gär mat engem Don maachen op eise Konto LU40 0019 2355 4566 0000 op den Numm „Fleegeelteren an hir Kanner".

Mir soen Iech villmols Merci